Frëndschaft iwwert d'Grenzen eraus

D'Mierscher Musek op Besuch bei hire Frënn vu Forbach

Beim gemeinsame Concert am Schwarzwald stoungen iwwer 100 Musikanten op der Bühn.

Miersch. Scho säit bal 10 Joer verbënnt eng ganz déif Frëndschaft d'Museke vu Miersch a vu Forbach am Schwarzwald.

Duerfir hunn et sech eng 55 Mierscher Musikanten net huele gelooss, fir hir Frënn kierzlech fir ee Weekend besichen ze goen. No engem gemittlechen Trëppeltour, konnte si bei Kaffee und Kuchen déi schéin Aussiicht op Forbach genéissen. Owes hu béid Museken dunn hiert Kënnen zum Beschte ginn, woubäi zum Schluss iwwert 100 Musikanten op der Bühn stounge fir dem Forbacher Publikum nach puer gemeinsam Zugaben ze spillen, wéi z. B. „Friends for Life". Sonndesmoies stoung dunn nach eng ganz interessant Visite vun der Schwarzenbach Talsperre um Programm, ier et no engem gemeinsamen Iessen erëm zréck op Lëtzebuerg gaang ass. Et war ee kuerzen an intensiven, mä gelongene Besuch bei Frënn.

Mierscher Musek via mywort.lu